LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, Franz Fayot, et de Monsieur le ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche, Claude Meisch, à la question parlementaire n°8027 du 24 mai 2023 de Monsieur le Député Sven Clement au sujet de la Commission de contrôle de proportionnalité avant l'adoption d'une nouvelle réglementation de professions**

De generelle Prinzip vum Gesetz vum 2. November 2021 zu der Proportionalitéitskontroll virun der Adoptioun vun enger neier Reegelung zu de Beruffer gesäit vir, dass de Staatsrot déi zentral Instanz ass fir d'Kontroll vun der Proportionalitéit, souwuel wat Gesetzprojete wéi och Projete vu groussherzogleche Reglementer ugeet.

Eng separat Prozedur ënnert der Form vun enger onofhängeger Kommissioun, déi en Avis ofgëtt, ass virzegesi fir déi spezifesch a seele Fäll vun:

- groussherzogleche Reglementer, déi an der Urgence ausgeschafft ginn an déi Reegelen am Beräich vun de reglementéierte Beruffer virgesinn, fir déi déi legislativ Prozedur keen obligatoreschen Avis vum Staatsrot virgesäit ;
- administrativen Dispositiounen, déi vu Ministere geholl ginn an déi eng Professioun reglementéieren.

Déi genannte Kommissioun gouf bis elo nach net zesumme geruff, well et nach keen Text ginn ass, deen ënnert dëser Prozedur hätt missten aviséiert ginn. De Prinzip ass, dass dës Kommissioun op enger ad hoc Basis wäert aberuff ginn, wann Texter ënnert dës spezifesch Prozedur falen.

Luxembourg, le 13/06/2023

Le Ministre de l'Économie

(s.) Franz Fayot